LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 13 juillet 2020

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°2426 du 21 juin 2020 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant le chantier sur la N10 entre Marnach et Dasburg, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op déi parlamentaresch Fro n 2426 vum 21. Juni 2020 vum éierbaren Deputéierten Här Jeff Engelen iwwert "Chantier sur la N10 entre Marnach et Dasburg"**

Am Kader vun der Erneierung vun der N10 tëschent Maarnech an Doosber sinn zwee Sëcherheetsaudite gemaach ginn, an deenen déi absolut Noutwendegkeet vu Leitplanken op där Streck festgehale ginn ass, fir d'Strooss op där Plaz kënnen esou sécher ewéi méiglech ze maachen. Generell a virun allem am Kader vun der nationaler Strategie VISION ZERO gëtt ëmmer probéiert, déi méiglechst bescht Léisungen ze fanne fir d'Sécherheet ze garantéieren, esoudass de Risiko fir schwéier oder esouguer déidlech Accidenter ka reduzéiert ginn.

Et gëtt sech ausserdeem un déi däitsch Richtlinne fir d'Ubrénge vu Leitplanke (RPS 2012 – Richtlinien für passiven Schutz an Straßen) gehalen. Déi néideg Leitplanke konnte bis elo allerdengs net konform zu deene Richtlinnen amenagéiert ginn, ouni dass dofir e gréisseren Agrëff an d'Ëmwelt erfuerdert gewiecht wär.

D'Situatioun vun 30 Beem, déi nach ewechzemaache gewiecht wären, ass rezent analyséiert ginn an dobäi konnt eng zefriddestellend Léisung fonnt ginn, fir déi schlussendlech just 7 Beem mussen op där Streck ewechkommen, esoudass dem Installéiere vun den néidege Leitplanken op där Plaz elo näischt méi am Wee steet.

No dëse leschten Aarbechte sollt et dann dësen Oktober méiglech sinn, d'N10 fir de Verkéier opzemaachen.